N°2596
Entrée le 24.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2596 vum 10. Juli 2025 vun den honorabelen Deputéierten Guy Arendt an André Bauler zum Sujet « "Tasers" pour la Police grand-ducale »

1. Gouf am Virfeld vun dëser Entscheedung eng Etude iwwert de Notzen an de Besoin vun Taser fir d'Police ënnerholl? 2. Falls jo, wat waren d'Resultater vun dëser Etude a gëtt dës Etude och publizéiert?

Am Koalitiounsaccord steet betreffend den Taser, "*L'équipement éventuel des policiers avec des tasers sera évalué.*".

An deem Kontext gëtt den Taser am Kader vun der Aféierung vum néie Groupe de support opérationnel (GSO) evaluéiert. Dëse Grupp wäert ab dem 1. Januar 2026 bei der Unité de garde et d'appui opérationnel (UGAO) ugesiedelt ginn. A court terme solle bis zu 36 Polizisten am UGAO-GSO schaffen an dëst 24/7. Den UGAO-GSO ass en takteschen Appui fir déi normal Patrullen um Terrain a gëtt a méi kriddelege Situatiounen, wéi z.B. Asätz am Kader vun haislecher Gewalt, agesat. D'Membere vum UGAO-GSO hunn an deem Sënn eng méi pousséiert taktesch Formatioun wéi d'Kommissariatsbeamten, an hu mam Taser dann och en zousätzlecht Asaz mëttel zur Verfügung. Dëse spezifesche Kader vun enger mei limitéierter Unzuel vu Beamten eegent sech beschtens fir den Taser am operationellen Asaz ze evaluéieren.

3. Wéi vill Taser wäerten an enger éischter Phas an den Asaz kommen?

All Member vum neien UGAO-GSO soll jeeweils mat engem Taser equipéiert ginn.

4. Lafen an deem Kontext elo scho Formatiounen an Trainingen, fir dat concernéiert Personal mat deenen néidege Kompetenzen z'ekipéieren?

Et ass eng Formatioun vun 2 Deeg virgesinn, déi integrale Bestanddeel vun der Formation initiale vun de Membere vum UGAO-GSO wäert sinn.

Lëtzebuerg, de 24. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN